## Succès fir d'Mini-Entreprise „Games of Norden"

# Den LTEtt ass Tromp



Trotz Corona hunn d'Schüler vill Initiativ gewisen an de ganze Stock esou séier verkaaft, datt eng zweet Commande gemaach ginn ass.

MYWORT

**Ettelbréck.** Déi 10. Mini-Entreprise aus dem Lycée technique vun Ettelbréck hat sech eppes afale gelooss: hiert Kaartespill, dat se „Games of Norden" genannt hunn, huet sech gutt verkaaft.

Dat ass kee Wonner, well 32 Gemengen aus dem Norde spille géintenee Quartett oder Trumpf. Si moossen sech a sechs Kategorien, vun der Unzuel vun Awunner, iwwert d'Bëschfläch bis bei d'Unzuel vu Firmen oder Schoulkanner.

Déi 12 Schüler vu verschiddene Klasse vun 2G hunn hir Mini-Entreprise „School of Cards" genannt. Si hunn Aktie verkaaft, d'Date vun de Gemenge gefrot an nogesicht, de Lay-out preparéiert an eng europäesch Firma fonnt fir d'Printe vun de Kaartespiller. De Projet Mini-Entreprise gliddert sech an eng laang Rei vu Projete vun de JEL (Jonk Entrepreneuren Luxembourg) an, déi am LTEtt zanter ville Joren ënnerstëtzt ginn.

De Corona-Confinement huet de Schüler e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Déi geplangte Verkafsstänn konnten net organiséiert ginn. Trotzdeem hunn d'Schüler vill Initiativ gewisen, an de ganze Stock esou séier verkaaft, datt eng zweet Commande gemaach ginn ass.

*LTEtt Lycée technique*

*d'Ettelbruck via mywort.lu*